PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Lëtzebuerg, den 19ten Januar 2021

Communiqué

No der Séance Publique vum 19ten Januar 2021, wou mir Piraten eng mëndlech Fro zu den HORECA Hëllefen un de Mëttelstandsminister Lex Delles gestallt haten, wëlle mir nach eemol een Appell un de Minister maachen. D'Restauranten an d'Caféen hei am Land bräichten een zentrale Service beim Ministère wou all Restaurateur sech melle kann an da gehollef kritt, fir de Choix ze maache wéi eng Aide hinnen am Meeschten hëllefen, a wei en dës kann ufroen.

Wärend der Séance Publique vum 19ten Januar 2021, huet de Mëttelstandsminister dem Deputéierte Sven Clement, op seng verschidde Froen iwwer d'Hëllef fir eisen HORECA Secteur geäntwert. De Minister huet a senger Äntwert gesot, dass all Informatiounen zu den Hëllefen op guichet.lu oder um Site vum *House of Entrepreneurship* ze fanne wieren.

Mir Pirate lauschteren op eis Matbierger a verstinn, dass verschidden Independanten am HORECA Secteur Hëllef brauchen, wann et drëms geet fir déi richteg Hëllefen erauszesichen an d'Demanden ze maachen. Dofir proposéiere mir, dass d'Regierung ee Service am Ministère des Classes Moyennes ariicht wou all Restaurateur sech melle kann an da gehollef kritt, de Choix ze maachen an d'Demande auszefëllen.